



7. 7649 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité ;

2° de la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

Mir kommen elo zum Projet de loi 7649 iwwert d'Organisation vum Stroum- a Gasmaart. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, de Mëtteg solle mer hei e Projet de loi stëmmen iwwert d'Energieeffizienz haaptsächlech. Ëm wat geet et?

D'Energieeffizienz ass niewent der Produktioun vun erneierbaren Energien dat zweet Standbeen, fir d'energetesch Transitioun ze meeschteren. Domadder dréit d'Energieeffizienz och dozou bäi, Zäregasemissionen ze reduzéieren, wat hëlleft, d'Klimakris ze meeschteren an d'Qualitéit vun eiser Loft ze verbesseren.

Energie, déi mir net brauchen a consomméieren, brauch och net produzéiert ze ginn. Op der Websäit vun der Internationaler Energieagence kann ee liesen: "Energy efficiency is the first fuel." D'Aspue- rung ass déi beschten Energie.

Bei dësem Projet de loi geet et ëm de Mécanisme d'obligation, ee Mechanismus, dee Gas- a Stroum-fournisseurs obligéiert, fir energieeffizient Moos- namen ungestoussen. D'Iddi dofir kënnt aus enger Direktiv vun 2012 an d'éischt Phas vun dësem Me- chanismus ass mat de Stroum- a Gasgesetzter vum 19. Juni 2015 ëmgesat ginn an huet sech erstreckt vun 2015 bis Enn 2020.

D'Direktiv vun 2012 ass 2018 reviséiert ginn. D'Direktiv 2018/2002/UE gesäit vir, datt vun 2021 bis 2030 nei järelech Aspuerungen an der Héicht vu mindestens 0,8 % vum Endenergieverbrauch ge- maach ginn.

Lëtzebuerg huet sech d'Zil vun 1,2 % bis 1,5 % Aspue- rung pro Joer ginn. Dir gesitt, Lëtzebuerg ass hei also duerchaus ambitiéis. Fir dëst ze rea- liséieren, kann eist Land laut der Direktiv ënner an- erem op de Mécanisme d'obligation an der Ener- gieeffizienz zrëckgräifen, ëm deen et an dësem Ge- setzesprojet geet, an dat wëll ech och elo erklären.

Dëse Projet de loi setzt also de legale Kader fir déi zweet Period vum Mechanismus ëm, déi sech vun 2021 bis 2030 erstreckt, esou wéi et an der Direktiv 2018/2002 virgesinn ass. D'Experienzen an d'Lek- tionne vun der éischter Period vum Mechanismus sinn natierlech an dëse Projet de loi matagefloss.

Wivill sollen elo déi national Aspuernisser an der Period vun 2021 bis 2030 sinn? Wéi Dir wësst, huet d'Regierung sech am Nationalen Energie- a Klima- plang, dem PNEC, als Zil gesat, bis 2030 d'Ener- gieeffizienz zwësche 40 % a 44 % ze verbesseren. De Mécanisme d'obligation ass eng wichteg Kom- ponent, fir dëst Zil ze erreechen.

An absolutten Zuele wëlle mir iwwert déi zéng Joer vun dëser zweeter Phas vum Mécanisme d'obliga- tion eng kumuléiert Aspue- rung vun 13.750 Giga- wattstonne maachen. An der Moyenne heescht dat Neiaspue- rung vum 250 Gigawattstonnen alljoers.

Ech versichen, dat och elo ze illustréieren. Wann ee bedenkt, datt mir hei zu Lëtzebuerg am Joer 2019 281 Gigawattstonne Stroum mat Wandenergie pro- duzéiert hunn, also grosso modo genausou vill wéi mir am Mechanismus alljoers bis 2030 wëllen nei aspueren, weist dat d'Envergure vun der Obliga- tion fir d'Fournisseuren. Et illustréiert och ganz gutt d'Potenzial vun der Energieeffizienz a puncto Klimaschutz, wisou se mindestens gradesou wich- teg ass wéi den Ausbau vun den erneierbaren Ener- gien. Dofir mussen d'Energieeffizienzmoosnamen eng absolutt Prioritéit sinn op eise- m Wee a Richtung Klimaneutralitéit fir Lëtzebuerg.

Wéi fonctionéiert de Mécanisme d'obligation? Duerch de Mécanisme d'obligation mussen all na- tional Elektresch- a Gasliwweranten, déi also hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, gewëssen Effizienz- ziler erreechen, andeems se Energieeffizienzmoosna- men huelen. Si dierfen d'Mesuren huelen an alle Secteuren a fir all Zort vun Energie, mat e puer Aus- namen, déi am Règlement grand-ducal festgehal- te ginn. D'Fournisseure mussen sech also net op Gas oder Stroum limitéieren. Wéi vill all Fournisseur muss aspueren, gëtt op Basis vu senger Part de marché berechent.

D'Stroum- a Gasliwwerante setzen dës Ziler dann zesumme mat den Endkonsumenten ëm - Privat- haushalter, kleng, mëttel a grouss Betriber an och Gemengen -, andeems se dës Konsumenten encou- ragéieren, Energie ze spueren. Ee Fournisseur kann

iwwregens all Konsument viséieren an net just seng eege Clienten.

Wéi ginn dës Aspuernisser erreecht? Energieliwwer- ante kënnen d'Konsumenten engersäits mat Knowhow ënnerstëtzen: Zum Beispill kënnen Ener- gieeffizienzspezialiste vum Fournisseur zesumme mat engem Betrib, nodeems zum Beispill en Ener- gieaudit am Betrib duerchgefouert gouf, ee Projet ausschaffen, fir dës Betriber méi spuersam opze- stellen.

Mir kruten an der Kommissioun e puer Beispiller genannt: Dat geet iwwer méi effizient Heizsysteme- mer, iwwert d'Optimisatioun vum Drock an de Pneue vun der Flott vu Camionen am Logistik- beräich. Fournisseuren hunn do dat néidegt quali- fizéiert Personal, fir de Client an dëser wichtiger Aarbecht ze ënnerstëtzen. De Fournisseur kann awer och finanziell beim Endclient intervenéieren, andeems en zum Beispill Primme gëtt fir gewëssen Effizienzmoosnamen. D'Aspue- rung ginn da kon- tabiliséiert an dem Fournisseur no festgehalene Reegelen guttgeschriwwen.

Virun allem an der Industrie ass d'Zesummenaar- becht mat de Fournisseure ganz gutt, och well d'Liwwerante ganz no bei hire Clienté sinn an hiren Energieverbrauch an hir Besoinen och ganz gutt kennen.

Wat sinn d'Ännerunge par rapport zu där leschter Phas, also zu der Phas 2015 bis 2020? Ech ginn elo op de Fonctionnement vum Mécanisme d'obligation an. Mat dësem Projet de loi geet een awer net just an eng zweet Phas, mee et ginn och e puer wichteg Ännerungen ënnerholl, ënner anerem, fir de Fon- ctionnement vum Mechanismus ze verbesseren.

Déi éischt Ännerung ass d'Zilsetzung. Op déi sinn ech jo elo virdrun hei agaangen. Déi zweet ass, datt an där neier Phas de Fournisseur een Deel oder d'To- talitéit vu sengen Obligationen duerch de Buy-out kann erreechen. Dat heescht, hie ka sech fir en Deel vu sengen Obligatione fräikafen. Hei gëtt et awer e Plaffong vun 1.500 Megawattstonnen. De Präis pro Megawattstonn vun dëser Option de rachat gëtt vum Ministère fixéiert a baséiert sech op Fraisen, déi ee muss engagéieren, fir eng Megawattstonn anzespu- ren.

D'Estimationne vun de Fraisen, fir eng Megawatt- stonn anzespueren, leien de Moment an der Moyenne bei ongeféier 40 Euro. Ee Megawatt Elektresch - an een normale Stot verbraucht onge- féier véier Megawattstonnen d'Joer-, also eng Megawattstonn elektresch Energie kascht de Mo- ment ongeféier 150 Euro fir en Haushalt hei zu Lëtze- buerg. Dëst illustréiert, wéi interessant et ass, Ener- gie anzespueren, d'autant plus, wann dës Aspu- erunge sech iwwer méi Joren erstrecken.

De Buy-out viséiert virun allem déi kleng Fournis- seuren, well fir si den Opwand, notament a puncto Personal, proportional méi grouss ass. An och soll et doduerjer fir nei Fournisseure méi einfach ginn, op dem lëtzebuergesche Marché aktiv ze ginn.

Déi drëtt Ännerung concernéiert d'Penalitéit, déi d'Fournisseure bezuele mussen, wa se hir Obliga- tionen net an hale kënnen. De Montant vun dëser Penalitéit bedréit d'Käschte vum Buy-out mat zousätzlech 25 % uewendrop, mat engem Plaffong vun 100 Euro pro Megawattstonn. An där leschter Period, also 2015-2020, war d'Penalitéit just zwee Euro pro Megawattstonn. Et gëtt de Fournisseur ën- nert dem neien Dispositif also vill méi deier, seng Engagementer net anzehalen. Dës Penalitéit ass libérateur, dat heescht, datt d'Fournisseure mam Bezeule vun dëser Strof hir Ziler net nach no- dréiglech erreeche mussen.

D'Suen, déi iwwert de Buy-out oder d'Penalitéit era- kommen, ginn an de Klimafong abezuelte, deen dann duerch geziilt Mesuren zu der Energieeffizienz ka bäidroen.

Elo zu den Avise vun de Chambres profession- nelles: D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn der Meinung, datt dës Moosname fir Energieeffizienz vun der zweeter Period ganz ambi- tiéis sinn. D'Chambre de Commerce stellt och fest, datt eng Rei Fournisseuren et net gepackt hunn, hir Ziler an der éischter Period ze erreechen. Si bedauert och, datt deen neien Dispositif Energieaspuerungen net berücksichtegt, déi duerch d'Aféierung vu méi energetesch performante Masuttheizsystemer er- ziilt ginn.

Déi zwou Chambere maache sech Suergen, datt duerch d'Modifikatioun den Energiepräis kéint erpog- en. Allenzwu menge se och, datt d'Aféierung vu Penalitéit mat Caractère libérateur eng gutt Saach ass.

D'Chambre des Métiers begréisst d'Volontéit vun der Regierung, fir méi schnell mat der Dekarbonisa- tion vun eise- m Energiesecteur virunzekommen. Si fäert awer, datt vill Fournisseuren d'Option de rachat géife benotzen, ouni a Richtung vun Effika- sitéitsmoosnamen ze goen.

De Conseil d'État hat keng Opposition formelle zu dësem Projet de loi gemaach, just eng Rei Formula- tionne sollte geännert ginn. Dëse Remarken hu mir och Rechnung gedroen.

De Projet de loi ass den 13. August 2020 an der Chamber vum Energieminister deposéiert ginn. De Conseil d'État huet säin Avis den 19. Dezember erausginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Projet de loi setze mir, wéi gesot, de legale Kader fir déi zweet Phas vum Mécanisme d'obliga- tion, dee Stroum- a Gasverkeefer obligéiert, fir an der Energieeffizienz aktiv ze ginn, dat andeems se mat Privatpersounen, Gemengen, Betriber an der In- dustrie un Aspue- rungsmoosname schaffen.

D'Energieeffizienz ass niewent dem Ausbau vun den erneierbaren Energien dat wichtegst Standbee vun der energetescher Transitioun. Mir mussen an alle Beräicher méi effizient ginn: an der Industrie, bei de Gebaier an och am Verkéier. De Mécanisme d'obligation ass hei eng wichteg Komponent, fir eis Ambitiounen a puncto Energieeffizienz bis 2030 ze erreechen.

Méi Informatiounen zu dësem ganz erausfuer- dernde Projet de loi fannt Dir a mengem schrëft- leche Rapport. Ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir Äert Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Carlo Back villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Merci villmools, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen dem Carlo Back Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir haten an der Kommis- sioun extra uitgemaach, dass e gutt Zäit géif dofir kréien. En huet dat och elo ganz systematesch an och, obwuel dee Projet ganz vast ass, trotzdem ganz prezis gemaach. A merci dofir, dass en dee vaste Projet esou kloer duergestallt huet.

Et ass jo net nëmme e vaste Projet, et ass och e ganz wichtige Projet. Mir reguléiere mat dësem Projet den Energiemarché, an dat an enger Zäit, an där mer probéieren, eng Energietransitioun insge- samt hinzekréien, ënner anerem, wéi de Carlo Back et och erkläert huet, iwwert dëse Mechanismus vun der Energieeffizienz. A mir als CSV ënnerstëtzen alles, wat hëlleft, oder all Beméiungen, déi hëllegen, fir eng realistesch an eng real Transitioun hin- zekréien, déi Schrëtt fir Schrëtt jo déi Konditiounen soll schafen, fir esou séier wéi méiglech zu enger Klimaneutralitéit hei zu Lëtzebuerg ze kommen.

An et ass jo och esou iwwregens, dass d'Energie- transitioun jo och eng Method ass, fir schonn eng Kéier dat duerchzeexercéieren, wat mer eigentlech nach méi wëllen, iwwert d'Energietransitioun eraus, nämlech eng ganz Transitioun vun der ganzer Gesellschaft, och e Liewensmodus, e Liewensstil, dee mer hei zu Lëtzebuerg wëllen implementéieren, wou mer insgesamt effizient an och ressour- cëschaunend liewen. Dofir ass et eeben och inter- essant ze kucken, wéi bei dëser Energietransitioun de ganze Mechanismus ugepaakt gëtt.

Mee deen heite Projet hält sech elo net op mat grouse philosophesche Gedanken, mee u sech geet et ëm eng knallhaart Reguléierung vum Energiemar- ché, an dat opgrond vun enger europäescher Direktiv, wéi et och elo just nach eng Kéier erkläert ginn ass. Et ass en interessante Projet, dee grondsätzlech na- tierlech eis Ënnerstëtzung fënn. A well en esou vast ass, hate mer och an der Kommissioun deemools eng ganz Hellewull vu Froe gestallt an ech wëll och nach e puer Froen hei elo wärend dësem Moment lassginn. Mir beweegen eis jo am Kader vum EEOS, dem European Efficiency Obligation Scheme (veu- illez lire: Energy Efficiency Obligation Scheme), an zu- gläich beweege mer eis iergendwéi awer och ausser- halb, well Lëtzebuerg net nëmme déi 0,8 % järelech aspuere wëllt, mee 1,2 % bis 1,5 %. An d'Fedil huet souguer nogerechent an ass op 1,85 % komm. Ech weess net, Här Minister, ob Der eng Kéier mat hinne- do e Gespréich hat, wéi déi Differenz vu Pourcen- tagen do zustane kënn.

Et geet ëm d'Parties obligées, dat sinn d'Gas- an d'Stroumentreprise- n. An deen Effekt, ëm deen et jo geet, ass virun allem, dat hu mer alleguerten och an de Kommissiounen verstanen, deen, deen dëst Gesetz op d'Entreprise- n huet, op d'Industrie, an nëmme ganz indirekt op d'Bierger an d'Biergerinnen am Einzel- nen.

An ech weess, Här Minister, et ass jo ëmmer esou eng Gratwanderung. Et wëllt ee jo alles esou gutt wéi méiglech maachen, am beschten nach besser wéi déi aner, mee et leeft een da jo awer Gefor, dass een och ëmmer e bëssen ze séier kéint lafe fir déi, déi méi laang Zäit brauche fir ëmzestellen.

An d'Chambre de Commerce nennt de Projet ze am- bitiéis. An d'Chambre des Métiers schwätzt souguer vu méiglechen „effets pervers“, dass eng Rei vu Par- ties obligées, also Gas- a Stroumentreprise- n, virera keng Efforte maachen, mee sech op de Buy- out-System verloossen, ee System, dee jo eigentlech geduecht ass, fir dass nei Energieverkeefer sech kënnen zu Lëtzebuerg installéieren oder fir dass och déi kleng net esou vill belaaucht ginn.

Ech kann et am Moment selwer net aschätzen, wéi real oder wéi grouss dee Risiko ass, dass iergendeen esou verfiert. Mee ech wëll einfach déi Fro emol eng Kéier un lech, Här Minister, weiderginn: Wéi grouss ass dee Risiko, dass eng Rei Entreprise genau deen dote Wee wäerte wielen? Dat ass meng éischt Fro, déi ech hei dozou hunn.

Déi zweet hänken ech direkt hannendrun: Hutt Der schonn eng Tendenz elo bei de Parties obligées ge- mierkt? Se si jo amgaange sech virzebereeden. Wat mengt Der, wéi d'Parties obligées insgesamt elo mat dësem Projet ëmginn?

Well dat, wat d'Chambre des Métiers jo dat méigle- cherweis Perverst nennt, ass jo dat, wat awer dat Paradoxaalt un der Situatioun ass. Et ass wéi an enger Véloscourse: Wa mer wëlle versichen, de Pelot- on zesummenzehalen, da fuere mer e bësse méi lues a mir vermeiden, déi ganzen Zäit Echappéen ze versichen, fir de Peloton ausenanerzeräissen. Oder mir wëllen eebe méi Gas ginn a riskéieren, dass da scho virun der éischter Montée déi Éischt ewechfue- ren. A fir deem entgéintzewierken, fret d'Chambre des Métiers jo e „Pacte Climat PME“, wat ech och eng ganz gutt Iddi fannen, wat mir eng ganz gutt Iddi fannen. An ech wollt lech froen, Här Minister, ob Der virhutt, op dës Propos anzegoen.

An domat kommen ech och schonn zu der nächster Fro. Ee vun de méigleche Programmer, deen duerch dëst Gesetz kéint geschafe ginn, ass e Programm géint d'Précarité énergétique. Ech wëll betounen, dass d'Energieaarmut eng vun deenen am meesch- ten ënnerschate Forme vun Aarmut ass an och lei- der eng vun deene komplexten. Dofir meng Fro: Wéi wëllt Der dee Programm genau upaken? Sinn do scho Gespréicher mat den Acteurs geféiert ginn? Dir hat dat an der Kommissioun esou an Aus- sicht gestallt.

An dann nach déi lescht Fro, déi ech wëll stellen, déi an der Kommissioun och scho gestallt gi war, dat ass déi vum Réseau d'experts. Eigentlech ass dat jo e bëssen esou d'Réckgrat vun deem Gesetzesprojet, well dee soll jo déi Audite féieren, déi sollen den Entreprene hëllegen ze gesinn, wou se stinn, beziungsweis net den Entreprene, mee de Parties obligées. Ech wëll lech froen, wéi dee Réseau d'ex- perts soll ausgebaut ginn.

Mir ginn op alle Fall als CSV eisen Accord zu dësem Projet a géifen eis och natierlech dann iwwer hëllef- räich Äntwerten op eis Froe freeën. Ech soen lech villmools Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Als DP sti mir natierlech voll a ganz hannert dësem Projet, deen an eisen Aen en zentrale Punkt am Klima- schutz betrëfft. D'Energieeffizienz ze verbesseren, heescht, méi mat manner ze maachen. Dat heescht, Ressourcen ze schounen a manner Energie ze ver- brauchen, fir dat selwecht Zil ze erreechen. Gläich- zäiteg di sech immens Opportunitéiten op fir Inno- vatioun, fir wirtschaftlechen an technologesche Fortschritt an domadder och fir d'Schafen an d'Erhale vun Aarbechtsplazen.

De sprangende Punkt heibäi ass virun allem deen hei: Klimaschutz bedeit net forcement Verzicht. Mir hëtze weider eis Haiser, mir benotze weider all déi verschidden elektronesch Apparater, déi mer am Alldag brauchen, an och d'Luuchte ginn net aus dowéinst. Mir maachen et eebe just besser respektiv op eng aner Aart a Weis. An dat ass net just am Sënn vum Klima. Och de Verbraucher profitéiert schliisslech doun, wann hie manner Energie brauch an d'Stroumrechnung méi kleng gëtt. Et ass also eng classesch Win-win-Situatioun. Et kënnt am Fong alle Bedeelegten zegutt.

Et ass dowéinst och net fir näischt eent vun eisen zentrale Klimaziler, an den nächste Jore bis 2030 wierklech nach grouss Spréng an deem Beräich ze maachen an den Endenergieverbrauch bis dohin ëm 40 % bis 44 % ze reduzéieren. Dat ass e ganz ambi- tiéis Zil, dat steet ausser Fro. An dofir mussen mer och all d'Hiewelen a Beweegung setzen, fir dëst Zil ze erreechen.

Mee mir brauchen ambitiéis Ziler beim Klima- schutz, dat ass ganz evident. Well dass mir eis Ziler erreeche mussen, dat ass keng Fro vum Wëllen. Et ass kloer eng Saach vun der Noutwendegkeet. Den Obligationsmechanismus fir d'Fournisseure vu Stroum a Gas, ëm deen et an deem heite Projet geet, ass e wichtegt Puzzlestéck an där ganzer energetescher Transitioun.

Zousätzlech zu den Efforten, déi mer um Niveau vum Staat maachen, wéi eeben dee ganze Katalog fir d'energetesch Sanéierung vu PRIME House, an zousätzlech zu den Ënnerstëtzen, déi déi ver- schidde Gemengen hiren Awunner bidden, hu mer mat dësem Mechanismus en drëtten Pilier, fir de Leit, mee och de Betriber ënnert d'Ärm ze gräifen, fir hiren Energieverbrauch ze optimiséieren a méi klimafreundlech ze ginn. A grad d'Fournisseure si jo



gutt placéiert, fir mat hire Clienten ze kucken, wat ee besser ka maachen. Dat ass eng Approche, déi hu mer gutt fonnt, wéi mer de System 2015 ageféiert hunn. A jo, mir fannen déi och haut nach ëmmer gutt.

Mir begrëissen awer och, dass elo, sechs Joer no-deems d'Gesetz gestëmmt gouf, verschidden Adaptatiounen virgeholl gi sinn, fir dës Mechanismus nach besser ze maachen. Leider war de Succès iwwert déi lescht Joren net deen, wéi mir eis dat virgestallt haten, mat ville Partie-obligéieren, déi hir Ziler net erreecht hunn, wat och d'Chambre de Commerce an hirem Avis festgestallt huet.

D'Aféierung vun engem Buy-out fir méi kleng Acteuren ergëtt dofir an eisen Aen och vollkomm Sënn, vu dass et natierlech vill méi schwéier ass, wann ee souwisou nëmmen eng kleng Part de marché huet, fir Energiespuerprogramm ëmzesetzen, par rapport zu vill méi groussen Acteuren, déi jo och aner Méiglechkeeten hunn.

Och wat d'Sanktiounen ugeet, wann ee senger Verpflichtungen net nokënn, si mer der Meenung, dass déi nei Dispositiounen an déi richteg Richtung ginn.

Ech hat a menger Ried viru sechs Joer schonn drop higewisen, dass ee vläicht un där enger oder där anerer Stellschrauf nodréie misst, wann ee gesäit, dass d'Energieversuerger hire Verpflichtungen net nokommen, voire dass déi eng et maachen a mam gudden Beispill virginn an anerer léiwer hir Penaltéite bezuelen, wéi an Energiespuerprogrammnamen ze investéieren.

Tatsächlech hu mer misse feststellen, dass d'Strofe bis elo net dissuasiv genuch waren. Dat gëtt heimat verbessert, dat begrëisse mir natierlech, grad wéi d'Tatsaach, dass d'Penaltéite liberatoire ginn. Dat heescht, wann de Fournisseur se bezilt, brauch en duerno seng Ziler fir dat Joer net ze erreechen.

Alles an allem steet d'Demokratesch Partei hannert dësem Projet. Mir si fir ambitiëse Klimaschutz mat klaren Ziler. An dofir ginn ech hei och den Accord zu dësem Projet de loi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, net awer, ier ech dem Rapporteur, dem Carlo Back géif villmools Merci soe fir säin explizite mëndlechen, awer och säi schrëftleche Rapport. An lech, léif Kollegeen, géif ech villmools Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Max Hahn villmools Merci a ginn d'Wuert wider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Och d'LSAP deelt natierlech d'Ziler an och d'Objektiver vun dësem Gesetz. Ech wäert och net op d'Erklärungen agoen, déi de Rapporteur hei schonn am Detail presentéiert huet, mee ech wëllt awer just ënnersträichen, dass et jo hei souwuel ëm international Obligatiounen wéi awer och ëm d'Erreeche vun Ziler geet, déi mir eis am PNEC gestallt hunn.

Mat dësem Projet de loi gëtt den Drock op d'Fournisseuren ënner anerem verstärkt, fir hire Bäitrag ze leeschten. An als LSAP fanne mir et och ganz richtig, dass mat der Méiglechkeet, fir sech an engem gewëssene Mooss vun dëser Obligatioun fräizekafen, de begrenzte Moyene vu klengen Fournisseuren och Rechnung gedroe gëtt. Allerdéngs soll dat awer och d'Ausnam bleiwen. Falls et sech dann awer sollt erausstellen, dass d'Fournisseure systematesch vun dëser Optioun géife Gebrauch maachen oder ëmmer nach léiwer d'Sanktiounen géifen akzeptéieren wéi hir eege Verantwortung ze iwwerhuelen, da misst op deem Punkt awer nach eng kéier nogebessert ginn.

Dës Projet de loi gesi mir och ganz kloer am Interesse vun de Konsumenten. An dofir kritt dee Projet de loi och den Accord vu menger Partei. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, ech kann direkt soen, dass mer dës Projet hei net matstëmmen.

■ **Une voix.** - Nu hal awer op!

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Deen heite Projet weist alt erëm déi typesch Elementer vun der Energiepolitik vun dëser Regierung: irrealistes, ideologesch, onsozial, schlecht fir d'Betriben, schlecht fir d'Wirtschaft, opbauend op Verbueter an op Zwäng. Dir nennt se „Obligatiounen“, dat klénkt besser. Wann ee seet „Zwang“, dat klénkt vläicht net esou gutt, mee et ass dat selwecht.

Milliarden a Milliarde vun Euro wëllt d'Regierung déi nächst Jore vergeuden, fir irrealistes Ziler ze erreechen, ...

■ **Une voix.** - O mei!

(**Brouhaha**)

■ **M. Fred Keup (ADR).** - ... déi absolutt keen Afloss op d'Klima hätten, allerhéchstens eppes am Mikrogradberäich.

Ech weisen och ëmmer erëm op d'Bevölkerungsexplosioun hin, op den onkontrolléierte Wuesstum, dee mer hei am Land hunn. Déi lescht zéng Joer sinn hei am Land 220.000 Leit agewandert. Mir steigere eis Populatioun pro Joer ëm 12.000 Persounen, soudass mer 2030 warscheinlech un deenen 800.000 Awwinner krazze wäerten.

All déi Leit brauche Luuchten, si brauchen Autoen a si wäerten och Autoen hunn. Si brauche Computeren, si hu Kachmaschinnen, si hu Frigoen, si hunn Heizungen, si hu Staubsauger an esou weider an esou fort, Handyen, elektresch Zännbischten, Dir hutt déi jo och.

(**Interruptions**)

Ma leet eis emol e Konzept ...

(**Exclamations**)

... iwwert dës Bevölkerungswuesstem op den Dësch!

(**Coups de cloche de la présidence**)

Dat ass jo awer den Hauptpunkt, deen hei d'Land sollt interesséieren: Wou wëlle mer an deem Punkt sinn am Joer 2030?

(**Brouhaha**)

Well dat wäert e Risenafloss hunn op eise Stroum- an Energieverbrauch!

Irrealistes ass et och ganz einfach, well mer erëm eng kéier vergiessen, dass mir ganz laang brauche fir Saachen. Ech erënneren drun, de Moien ass nach grad iwwert de Stadion geschwat ginn: Zéng Joer hu mer gebraucht warscheinlech, fir en ze bauen, ze plangen an ze bauen. Elo wëlle mer an Zäit vun e puer Joer 55 % vun eisen Zärgaser aspueren. Dat ass vëlle onméiglech! Hei maachen all d'Parteien déi gréng Politik, déi hei gepriedegt gëtt, mat.

(**Brouhaha**)

Mir maachen déi net mat als ADR! Mir sinn do net där Meenung an Dir wäert gesinn, dass d'Zukunft eis wäert Recht ginn!

Déi ugeschwaten Acteuren, wou hei gesot ginn ass ..., wou dat an den Himmel gelueft ginn ass, déi hei am Gesetz genannt ginn, déi kréien hei eppes opgezwongen, wat se net kënnen erfëllen. Dat seet jo och d'Handelskummer. Am Endeffekt ass et fir si eng weider Tax, eng Steiererhéijung, orchestréiert vun der Steiererhéijungs- a Verbuetspartei vun de Gréngen.

De Stroumpäis wäert doduerch an d'Luucht goen. E wäert net erofgoen! A mir wäerten et jo gesinn, mir kënnen eis hei a fënnef Joer nach eng kéier gesinn, do iergendwann driwwer schwätzen, an da kënnen mer kucken: De Stroumpäis wäert déi nächst Joren an d'Luucht goen, ënner anerem weinst esou Saache wéi där heiter! Dir wäert Är Ziler ni erreechen, déi souwisou näischt bréngen!

(**Brouhaha**)

Mee Är Politik verschlechtert d'Liewe vun de Leit an d'Kompetitivitéit vun de Betriben. Dir forcéiert Är gréng Ideologie um Réck vun der Wirtschaft a vum Sozialen. 12 % Aspuerung Zärgas hate mer dëst Joer, also d'lescht Joer, 2020. Dat war d'Covidjoer. An dofir hate mer och déi 12 % Aspuerung. An dat beweist et: Déi Ziler vun der Regierung kënnen just erreecht ginn, wa mer déi nächst néng Joer Kris hunn!

Ma kommt, mir halen op mat där ganzer Katastrophenhysterie! Amplaz Steieren, Regulatiounen, Zwäng, Verbueter solle mer opbauen op d'Fuerschung, op déi Technologien, déi do sinn an déi gutt sinn, op de gesunde Mënscheverstand, an dat zesumme mat deenen, déi betraff sinn. Dat sinn d'Leit, dat sinn d'Stéit, dat sinn d'Bierger, dat sinn d'Konsumenten an dat ass d'Industrie.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Une autre voix.** - „Une voix“ ...

(**Hilarité**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Keup. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Am nationale Klima- an Energieplang huet d'Regierung eng Verbesserung vun der Energieeffikassitéit vu bis zu 44 % bis 2030 als Zilsetzung ausginn. Dat entsprécht 1,2 % bis 1,5 %, déi all Joer muss verbucht kënnen ginn. D'EU-Zil ass méi déif a gesäit just eng Verbesserung all Joer ëm 0,8 % vir. D'Regierung geet also hei gär méi wäit, zumindest ass dat den aktuelle Stand, well mir eng Steigerung vum Zil op EU-Niveau en phase mam neie Klimazil ofwaarde mussen.

De Gesetzesprojet hei iwwert d'Energieeffizienz muss also eng zentral Roll spille beim Erreeche vun deem Zil. Dorunner moosse mir och dat heiten, dee Projet. Am Projet sträicht d'Regierung zwou Neieren un sech besonnesch ervir: de Rachat vun Obligatiounen an déi neigeregelt Strofe bei Neterreeche vun Ziler. Béid Mesurë gesi mir awer kritesch an erschéngen eis éischter als kontraproduktiv vürum Hannergrond vun der méi ambitiëser Zilsetzung.

Bei de Strofe bei Netanhalung vun den Obligatiounen vun engem Fournisseur gouf dës bis elo net befreit vu senger Pflicht, fir awer déi néideg Reduktiounen ze maachen. Dat ännert elo: D'Strofe gi liberatoire. Dat heescht, d'Strof befreit also vun der Pflicht, d'Obligatioun ze erfëllen.

Mir wëssen net, wéi héich déi Strofen ausfale, mee si misste jo méi héich si wéi de finanziellen Effort, deen de Fournisseur leeschte muss, fir säin Zil ze erreechen. Mee souguer wa se dat sinn, kéinten d'Strofen interessant sinn, och well se finanziell previsibel si fir e Betrib, während d'Klimamesuren dat finanziell net onbedéngt sinn.

Beim Rachat, also beim Erauskafen aus den Obligatiounen, stellt sech déi Fro och. Et ass plafonéiert, fir dass nëmme méi kleng Fournisseure méi ëmfänglech kënnen dovou profitéieren. Mee och hei stellt sech d'Fro vum Präis fir de Rachat a wéi e berechent gëtt. An dat ass fir eis onkloer.

Bei béide Mesurë wéi och insgesamt bei dësem Gesetz spillt de Präis vun engem Invest déi zentral Roll. Dowéinst si Konzepter wéi d'Opkaf vu Leeschtungen oder d'Setze vu finanziellen Ureizer och esou wichteg an dëser Approche.

Si entsprangen awer enger Maartlogik. Do muss een d'ADR e bëssen enttäuschen. Et gëtt guer net esou gebrach, also Ökosozialismus gëtt hei „leider“ net bedriwwen. Also keng Panik, Dir sidd nach an der Welt, déi Der kennt, déi vu fréier, an déi net weitergeet! Mee si entsprangen also enger Maartlogik, déi grouss Deeler vun der Realitéit ausblent an och der Urgence vum Klima net Rechnung dréit, déi d'Industrie och net léise wäert - ça se saurait.

Et geet ëm drastesch a séier Reduktiounen, net ëm Kontabelexercicer, fir just en Uschäin ze ginn. An dat bréngt mech bei déi méi fundamental Kritik un dëser Approche, eng Approche, déi sech awer duerch déi komplett Klimapolitik zitt. Bei klimapolitische Moossname geet et, konform mam maartliberalen Dogma, ëmmer dorëm, fir déi effizient ..., oder Vermeidungsmesuren ze maachen, déi am bëllegste sinn, also déi de klengste finanzielle Präis hunn.

Et ginn net onbedéngt déi sënnvollst Mesuren ergraff, neen, och net déi sozialsten, déi gerechsten, och dat spillt u sech net eng Roll. Dës Zilsetzung léisst een hannert sech, wann ee Klimapolitik mat betribswirtschaftleche Prinzipie mécht, wann een de Marché decidéiere léisst. An do kommen dann esou politesch Programmer eraus wéi eng Primm mat der Strenz fir Elektromobilitéit oder energeetesche Renovatiounen vu Wunnengen.

Mat Primme gi Leit incitéiert, déi sech esou Uschafunge leeschte kënnen an déi bei enger Primm ..., och wa se vläicht deelweis schonn zouschloe kënnen. Stéit mat klengem Akommes brauche vill méi finanziell Hëllef, mee déi gëtt net ugebueden. Mee dës Hëllef géif awer vill méi bréngen, wat CO₂-Vermeidung an Energieeffizienz ugeet, guer net ze schwätze vun der sozialer Dimensioun, där Rechnung gedroe kéint ginn.

Well bei dësem Gesetz d'Obligatiounen fir Fournisseuren an Incitatiounen fir Clienten ëmgewandelt ginn, si mer a genee deem selwechte Regëster wéi bei de staatleche Primmen, mat de selwechte Problemer.

De Fournisseur muss Incitatiounen schafen, fir dass de Client Aspuerunge mécht. Enovos huet schonn esou Ekoprimmen, déi ginn dann och onofhängeg vum Revenu u Clientë vun Enovos bezuelt, gréisstendeels dann och erëm u bessergestallte Stéit, mee finanzéiert gi se iwwer Fixkäschten op der Energierechnung, bei deene Klengverbraucher verhältnisméisseg méi déif an d'Täsch gräife mussen, wéi och beim Stroum oder beim Waasser. Mir sinn also bei enger duebeler Ongerechtegkeet.

Ech wollt och nach drun erënneren, dass mir eng Motioun eraginn hunn - et ass scho laang hier -, fir eng Renovatiounsoffensiv fir Wunnengen ze starten, déi staark op sozial Kritären an och efféentlech Finanzéierung setzt an och d'Gemengen als wichteg Acteure matabezitt. Déi Motioun, déi läit nach ëmmer an der Kommissioun. Ech wäert et an dëser Legislatur jo net méi selwer erliewen. Meng Nofolgerin wäert awer nach um Ball bleiwen, well si bekëmmert sech och ganz staark ëm déi Sujeten, a bestëmmt souguer méi wéi ech.

An nach e klengen Tipp: Et wier jo interessant, et gëtt jo ëmmer vun enger gewëssener Säit gesot, et kéint een alles mat Technologie léisen an d'Industrie géif dat maachen. Dat klénkt gutt. Et ass awer e bësse méi komplizéiert wéi dat. D'Chamber misst vläicht eng kéier esou eng Debatt mat Spezialisten och organiséieren an da gesi mer, dass dat vill méi schwéier ass, wéi ee mengt - also dass een alles einfach esou der fräier Maartwirtschaft kéint iwwerloosen, dass si schonn Technologien entwéckele wäert, fir d'Klima ze retten innerhalb vu kierzter Zäit. Dat funktionéiert leider net esou. Wier et esou, wiere mir och dofir. Mee et ass net esou.

Et wier bestëmmt eng spannend Debatt. An et wier och bestëmmt interessant fir d'Allgemengheet, wat fir eng Argumenter d'ADR och géif bréngen, well déi

si bestëmmt och technologesch topp an där Matière fir ze soen, wéi een dat alles léise kéint.

Ech soen lech Merci. Mir wäerten eis awer enthalen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här David Wagner. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Här President, als Éischt merci dem Rapporteur Carlo Back fir säi gudden Rapport. Energie a Ressourcë spueren, fir esou d'Ëmwelt an de Klima ze schützen, dat ass d'Zil vun dësem Gesetzesprojet. An deem Zil kënnen mir Piraten eis nëmmen uschlëssen. Och dat ass en Deel vun eiser mofer Ëmweltpolitik.

Wéi oft hu mer als Kanner fréier de Saz héieren: „Looss d'Luuchten net brennen!“ oder „Looss de Krunn net lafen!“? Ma genee dës Lektio, déi mer als Kanner kruten, gëllt et u sech, an eiser Gesellschaft ëmzesetzen. Energie ass net einfach esou do, si muss produzéiert ginn. An d'Produktioun kascht, si kascht Ressourcen. D'Ressourcen op eiser Welt sinn awer nun emol begrenzt. Glécklecherweis sinn ëmmer méi Länner op der Welt sech däre bewosst. Mee mat der Erkenntnis eleng geet et net duer. Mir müssen handeln!

A virun allem zu Lëtzebuerg mussen mer nach ganz vill Ustrengungen ënnerhuelen, fir vum Nettoverbraucher zur Energiespuerluucht ze ginn. Joer fir Joer ass eist Land ënnert deene Länner, déi am meeschte Ressourcen op eiser Welt verbrauchen. D'Nouvelle ass net nei. Mee grad dofir ass et ëmsou méi wichtig, de Leit dobaussen esou oft et nëmme geet kloerzemaachen: Mir müssen als Land méi nohalte ginn!

De Rapporteur hat et hei schonns erkläert: Mat deem Gesetz soll all Joer Stroum agespuert ginn. An et ginn och verschidde Kritikpunkten zu dësem Gesetz, op déi ech dann elo nach aginn.

Wéi d'Chambre de Commerce an hirem Avis geschriwwen huet, stellt sech d'Fro, ob net de Client zum Schluss d'Rechnung vun dësem Gesetz muss bezuelen; well och elo scho liewe Familljen an enger Energieaarmut hei am Land.

D'Chambre de Commerce fäert, dass virun allem grouss Stroumbidder déi héich Energieeffizienz ziler net erreechen, de Montant vun hire Strofen dann einfach op hir Margen droprechnen an esou dem Client d'Endrechnung weiderginn. Hei rechnet d'Chambre de Commerce vir, dass d'Stroum- an d'Gaspräisser bis zu 25 Millioune pro Joer kéinten an d'Luucht goen. Wann dëst sollt wouer ginn an d'Präisser an den nächste Jore sollte klammen, mussen mer derfir suergen, dass déi méi schwach Stéit entlaascht ginn an och déi kleng Firmen. Mir dierfen net nëmme blann Klimapolitik maachen, mee mir mussen séchergeen, dass d'Leit matmaache kënnen a wëllen!

Schon d'lescht Joer gouf et Präishaussë beim Stroum. Wéi den ILR schreift, ass de Stroum vun 2019 op 2020 ëm 10 % méi deier ginn. Jo, Energie huet hire Präis. Mee mir mussen virun allem kucken, dass mer méi finanziell schwach Bierger net mat deem Präis erwiergen. Op kee Fall dierf d'Gesetz dozou féieren, dass mer an e puer Joer nach méi Leit an d'Aarmut drécken.

Trotz éiergäizege Klimaziler dierfe mer net vergiesse, dass hannert dësem Projet och Mënsche stinn, ouni déi mer et net packe wäerten. Jidderee muss motivéiert ginn, beim Spuere vu Ressourcë matzeschaffen.

Dofir fanne mir Piraten, dass een d'Ambitiounen an deem Beräich héichhale muss an d'Käschte vun de Moossname mat enger besserer Ëmverdeelungspolitik kompenséiere muss.

Ech hunn dann nach eng lescht Umierkung, wou et ëm déi konkret Fro geet: Wou kënn eise Stroum hier? Jo, engersäits ass et gutt ze soen, et soll méi Energie gespuert ginn. Mee mir sollte virun allem kucken, dass de Stroum, dee mir benotzen, dann och zu 100 % ëmweltfrëndlech hiergestallt gëtt.

Aktuell befënn sech am Stroummix vun Enovos ëmmer nach en Undeel un Atomstroum. Hei géife mer eis och ënnert engem grénge Minister endlech erwaarden, dass den Atomstroumprozentsaz endlech op null erofgeet! Wéi aus der parlamentarescher Fro vum honorabele Kolleg Sven Clement ervirgeet: 10,4 % sinn Atomstroum am Mix hei am Land. D'Majoritéit huet sech schonn e puermol kloer géint Nuklearenergie positionéiert, nach de Moien hei an der Chamber. Ma mir fannen, et sollt een Neel mat Käpp maachen an derfir suergen, dass keen Atomstroum méi an eisem Stroummix ass.

Dofir deposéiere mir haut eng Motioun, déi d'Regierung dozou opriff, e konkrete Plang auszeschaffen, fir bis 2030 aus dem Atomstroum erauszeklammen, an dee bis Enn des Joers virstellen.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

- D'Ministère fir Wirtschaft an Energie hunn an hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 1358 vum 18ten Oktober 2019 Follgendes geäntwert: „Ouni



dass e Fournisseur [...] spezifesch Atomstrom oder Strom aus fossilen Energien akeeft, kritt hien automatesch fir den net identifizéierte Strom dëse „mix résiduel“ a sengem Stroummix agerechent. De Stroumfournisseur kann awer, wann hien dat wëllt, fir dës Quantitéiten och Zertifikater (GO) nokafen, fir och dësem Strom eng Hierkonft zouzedelen. Sou erkläert sech, dass den nationale Stroummix 2018 nach zu 10,4 % aus Atomstrom an zu 34,0 % aus fossiller Energie bestanen huet, och wann dës Zuelen net onbedéngt komplett d'Realitéit ofbilden.“

- D'Majoritéitsparteien an der Chamber an an der Regierung schwätze sech a villen Occasiounen géint d'Produktioun an d'Benotze vun Atomstrom aus.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. bis Enn vun dësem Joer e konkrete Plang virzeleeën, fir den Atomstrom aus dem „mix résiduel“ auszuschléissen, an dëse bis 2030 ëmzesetzen.

(s.) Marc Goergen.

Dëst gesot, wäerte mir Piraten den Accord zu dësem Gesetz ginn. Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Här President, léif Deputéiert, ech wollt fir d'éischt dem Carlo Back villmools Merci soe fir säin detailléierte Bericht. Ech mengen, hien huet an einfache Wieder a mat flotte Beispiller eppes erkläert, wat relativ komplex ass, wat awer néideg ass.

An ech mengen, den David Wagner huet gesot, mir wieren an enger komplett fräier, warscheinlech zügelloser Maartwirtschaft. Dat hei ass e Beispill, dass mer eben net an enger fräier Maartwirtschaft sinn, mee an enger reguléierter Maartwirtschaft, wou mer Reegelen anzeien, zum Beispill d'Reegel, dass de zu Lëtzebuerg nëmmen dierfs Strom a Gas verkafen, wann s de gläichzäiteng eng gewësse Quantitéit vun Energieeffizienzinvestitiounen noweis.

An ech mengen, dat ass einfach e Beweis, dass mer engersäits déi positiv Dynamik, déi privat Acteure kënnen hunn, notzen, awer se notzen an eng Richtung, déi eis och beim Klimaschutz hëllef.

D'Energieeffizienz ass déi beschten Energie, well se jo guer net hiergestallt gi muss, also och kaum oder guer keen Ëmweltschued mécht. Et ass och déi éischt Energie op der Welt, „first fuel“, dat heescht, wann Der lech d'Energieeffizienzmoosnamen an d'Resultater uckukt, wéi vill dass déi ewechgespuert hunn, ass dat méi wéi bei Pétrol oder Strom. Dat heescht, an der ganzer Welt komme mer virun, well mer extreem vill maache bei der Energieeffizienz. An et ass kloer: Beim Klimaschutz kann een nëmme gewinnen, an där Course géint d'Klimaverännerung, wa mer do nach besser ginn!

A wichteg ze verstoen, an ech mengen, de Carlo Back huet dat gutt erkläert: Energieeffizienzmoosname si bal ëmmer méi gönschteg wéi déi zweet Sail, déi ech brauch fir de Klimaschutz, wéi d'erneierbar Energien, bei bal alle Moosnamen. An duerfir ass dat hei och en Instrument, fir beim Klimaschutz eigentlech och käschtegönschteg virunzekommen.

Ech mengen, d'Zil insgesamt vun eiser Effizienzpolitik ass, 40 % bis 44 % relativ besser ze gi bis 2030. Wéi mécht een Energieeffizienzpolitik? Dat éischt, wat wichteg ass, dat sinn Normen, Standarden. Zum Beispill muss all Frigo, all Tifküler, all Fernsee, deen an Europa verkaf gëtt, eng Mindestnorm hunn an et gëtt Labelen. Mir hunn och extra Normen, national Normen, zum Beispill fir nei Gebaier. Normen a Standarde sinn en extreem wichtige Pilier vun der Energieeffizienzpolitik.

An duerno geet et natierlech drëm, dass ech zousätzlech aner Moosname lasstrëppelen. An ech mengen, de Max Hahn huet dat gutt op de Punkt bruecht: Wie bréngt déi aner Moosnamen, wien trëppelt déi lass? Mir hunn do dräi Pilieren. Mir hunn de Staat iwwer eis Subsiden, iwwer „myenergy“, déi d'Berodung mécht. Mir hunn d'Gemengen, déi jo eng ganz wichteg Roll spillen, well se no um Bierger sinn, well se iwwert de Klimapakt eeben och e richtigen Driver hu fir a Richtung Klimaschutz. An, an duerfir ass dat heite Gesetz esou wichteg, deen drëtte Pilier, dat sinn d'privat Acteuren.

Bei de grouse Strom- a Gasentrepreneuren, déi hei zu Lëtzebuerg um Marché sinn, schaffe vill Leit och haut schonn op Energieeffizienz, well se iwwert dat heite Gesetz gezwonge sinn, eeben an Energieeffizienz ze investéieren. A wéi hëllef se eis? Si hëllef bei de private Leit: Wann déi zum Beispill eng Masuttsheizung ersetzen, gëtt et net nëmmen eng Primm vun der Regierung, et gëtt och eng Primm vu ganz ville Strom- a Gasversuerger, fir

eeben dann ewechzegoe vun enger Masuttsheizung a Richtung erneierbar Energien oder eventuell Gas. Déi privat Acteuren hëllefen och de Gemengen an hire Gebaier, dat heescht, fir bei der Belichtung méi effikass ze sinn, eventuell och esouguer, fir d'ganz Gebai besser ze dämmen. Dat heescht, och eng Rei vun deenen Aspuernisser, déi hei erschafft ginn, ginn an Zesummenaarbecht mat Gemenge gemaach.

An da sinn awer e ganz groussen Deel vun de Resultater vun där heiter Direktiv Verbesserungen, an zwar weesentlech Verbesserungen, bei eise groussen Industriellen: D'Goodyear, d'ArcelorMittal, eng DuPont an anerer, Guardian, déi hunn allegueren iwwert déi lescht Joren zesummegegshaft mat Energie a Gas - parties obligées. D'Audite si gekuckt ginn - wou ass hei eppes ze huelen? - an dann ass eeben oft mat der Expertis vun de Gas- a Stroumentrepreneuren duerno an déi Industrieprozesser investéiert ginn. An dat ass natierlech e Riesebeitrag och, fir d'Käschten ze senken an der Industrie.

Dat heescht, et ass net richtig, wat vum Deputéierte vun der ADR behaupt ginn ass, dass dat hei e wirtschaftsfeindlecht Instrument wär. Dat hei ass eent vun den Instrumenter, fir eis industriell Prozesser hei zu Lëtzebuerg weesentlech ze verbessern. An dat, wat mer elo an deenen nächste Joren nach musse besser maachen, ass: Mir musse kucken, dass méi Investitiounen och an de Kleng- an de Mëttelbetriber gemaach ginn. An ech kommen herno nach eng Kéier kuerz zrëck op dem Här Galles seng Fro mat dem Pacte Climat.

Mir hunn zum Beispill grouss Camionsentrepreneuren, also Spediteuren, déi hunn net nëmmen hir ganz Belichtung an hiren Halen ersat mat deem heite Programm, mee si hunn och extra Efforte gemaach, dass op all hire Camionen, an dat sinn der heiansdo 150 bis 200, d'Pneuen ëmmer 100%eg topp an der Rei sinn an opgeblose sinn an doduerch manner Widerstand hunn an doduerch manner Diesel verbrauchen an esou weider, also an der Logistik an, wéi gesot, och an der Industrie.

Mir hunn op Basis vun deene Resultater vun de leschte fënnef Joer dräi, géif ech mengen, gréisser Ännerunge virgeholl. Dat eent ass: Mir hunn hei zu Lëtzebuerg virun allem am Beräich vum Strom och eng Rei ganz kleng Ubidder. A fir déi ass et effektiv heiansdo schwéier, fir dann nach zwee, dräi, véier Leit ze hunn, fir och an d'Energieeffizienz ze goen. Verschiedener maachen et. Et war eng Demande vun hinnen, fir hinnen e bëssen entgéintzekommen. Duerfir hu mer dee Buy-out do méiglech gemaach.

An deen zweete Grond, firwat mer de Buy-out hunn, ass, dass d'Fedil gesot huet: „Mir wëllen och, wa Firmae vu bausse kommen, fir eis e gutt Angebot ze maache fir eis Industriell fir Gas a Strom, dass déi net schonn direkt mussen och dräi, véier Leit matbréngen, fir hir Energieeffizienz zu Lëtzebuerg ze maachen.“ An iwwert dee Buy-out kënnen mer déi zwou Mécken do eigentlech mat engem Schlag huelen.

Dat Zweet sinn d'Strofen. Zee Euro war esou bëlle, dass et effektiv, wann ech haart op haart gerechent hunn, méi bëlle war, fir d'Strof ze bezuelen, wéi d'Moosnamen. A vun dohier hu mer misse mat de Strofen eropgoen. Gutt.

Da war nach bei de Froen nieft dem Buy-out déi vun der Précarité énergétique. Et ass esou, am Detail gëtt et hannert dem Reegelwierk selwer d'Fiches techniques. Et gëtt zum Beispill eng Fiche technique: Wéi kriss de guttgeschriwwen, wann s de Masuttsheizungen ersetz duerch Gas, wou kriss de guttgeschriwwen d'Ersetze vu Masuttsheizung duerch Wärmepompel, wat kriss de guttgeschriwwen? A mir wäerte mat den Entrepreneuren aus dem Gas- a Stroumberäich eng extra Fiche och maachen, déi dann a Richtung Energiearmut geet, wou si dann och eigentlech en extra Bonus kréien, wa se sech geeilt ëm déi Leit këmmen, déi et besonnesch néideg hunn, dass mer hinnen hëllefen.

An doriwwer eraus, David Wagner, wäerte mer och geschwënn op Är Motioun kënnen äntwerten. Mir sinn do amgaangen, eng Rei Saachen ze tässelen, a mir kommen drop zrëck. Deemo wéi ass et ..., also ech weess net, ob s du selwer dann nach do bass. Dir nach eng Kéier merci, dass de eis och gehollef hues, dat zu engem wichtigen Thema ze maachen.

Pacte Climat: Wéi gesot, et ass wichteg, dass mer net iergenden abstrakt Instrument maache fir d'Handwierk, mee dass mer esou prezis wéi méiglech sinn, dass Aktiounen direkt um Terrain geschéien. An duerfir ass d'Verbindung mam EEO wichteg, well mer do direkt och Investitiounen lass-trëppele kënnen. A mir mussen da kucken, wat mer nach do derzoumaachen, nach méi maachen. Mir sinn do drun a mir wäerten lech och an nächster Zäit do méi Detailler ginn.

Vu mir aus nach eng Kéier e grouse Merci fir déi ganz breet Ënnerstützung hei. Dat hei ass vun der Quantitéit vun deem, wat mer brauche fir de Klimaschutz zu Lëtzebuerg, eent vun de ganz groussen Instrumenter. An ech si frou, dass mer esou e

grouse Konsens eigentlech hei hunn, fir an déi Richtung ze goen.

vläicht nach ganz zum Schluss zum Här Goergen senger Fro zum Atomstrom. Et ass net richtig, dass bei Enovos nach Atomstrom dran ass. Mir hunn dat nach eng Kéier nogefrot dës Woch. Wat richtig ass: Mir hunn eng Rei Industrien, déi kafe Kontrakter, wou Atomstrom dran ass. Et ass eng relativ komplex Matière, och juristesche.

Éisträich huet probéiert virun dräi, véier Joer, dat an Éisträich ze änneren, an ass gescheitert, well s de juristesche kee Konstrukt kanns maachen, fir dat verpflichtend ze maachen an engem europäesche Bannemarché. Do gëtt et eng ganz Jurisprudenz driwwer. Also mir hunn eis dat ganz am Detail ugekuckt. Duerfir musse mer éischer op de Wee goen a Richtung: Wat fir eng Angeboter kënnen mer maachen? An dat Gutt ass, dass d'erneierbar Energien, virun allem ganz grouss Anlagen, zum Beispill Offshore-Wandanlagen, déi am Mier stinn, do ginn d'Präisser elo ëmmer méi gönschteg. Ech ginn lech e Beispill: Déi lescht grouss Ausschreiwung a Frankräich war 44 Euro pro Megawattstonn fir eng nei grouss Offshore-Wandanlag. An en neit Atomkraftwierk kascht 110, 120. Also sinn erneierbar Energien zwee- bis dräimol méi gönschteg wéi nei Atomkraftwierker!

An duerfir gëtt elo probéiert, eng gewësse Standardiséierung ze maache vun deem, wat een techesch nennt: „long-term renewable Power Purchase Agreement“. Dat si laangfristeg Verträge vu 5, 8, 10, 12, 15 Joer mat engem, dee Wandenergie oder Solarenergie oder Waasserkraaft mécht. A mir sinn amgaang do drun ze schaffen. A wat ech géif virschloen, well dat net just esou eng Null-oder-eent-Äntwert oder Schwarz-oder-wäiss-Äntwert ass, dass ech eng Kéier géif zrëckkommen an nächster Zäit an d'Kommissioun vun der Chamber, fir lech do méi Detailler ze ginn, wéi mer zesumme kënnen dohinnerkommen, dass mer ënnert déi 10 % kommen.

Wéi gesot, ech kann dat mam beschte Wëllen net iwwer e Gesetz reegelen. Dat hunn anerer probéiert a sinn dorunner gescheitert, an Éisträich. Mee mir hunn eis Gedanke gemaach, wéi mer dat kënnen an déi richtig Richtung steieren. Duerfir géif ech lech gär d'Angebot maachen, haut elo net driwwer ofzesëtzen, mee dass ech eng Kéier zrëckkommen an d'Kommissioun, fir lech do weider Detailler ze ginn.

Ech soen lech allegueren villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Energieminister Claude Turmes villmools Merci. Parole après ministre fir den Här Paul Galles.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Merci, Här President, a merci, Här Minister, fir déi vill Erklärungen, déi ganz interessant sinn a bei deenen ech ganz opmierksam nogelauschtert hunn. Ech hu just nach eng vu menge Froen, wou ech nach eng Kéier wollt nofroen, dat ass nämlech déi: Gesitt Dir Tendenz bei enger Rei vun de Parties obligées, déi eigentlech kéinten d'Energieeffizienz elo ëmsetzen, trotzdeem an de System vum Buy-out ze goen, obwuel et eigentlech och anescht géif goen? Ech denke jo, dass dat der am Laf vun de Joren - et ass jo virgesi bis 2030 - ëmmer manner misste ginn, well eeben dann déi verschidde Parties obligées ufänken, hir Energieeffizienzmoosnamen ëmzesetzen. Trotzdeem elo fir den Ufank: Hutt Dir do en Androck, wéi et elo am Ufank ongeféier ausgesäit?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Galles. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Also ech war an der Lescht och bei enger Rei vun deene méi klengen Acteuren. Si soen eigentlech allegueren: „Mir wëllen dat maachen!“ Si soen dann och: „Heiansdo ass et nach e bëssen ze bürokratesch, dee ganze System.“ Mir probéieren et eeben iwwert déi Fiche-techniqué méi einfach ze maachen. An duerno muss Der natierlech verstoen: Soulaang wéi et 2 Euro kascht huet, ware mer an engem anere Film, wéi wann et bis zu 100 Euro ka kaschten, soudass ech ... Also et muss een elo e bëssen ofwaarden.

An nach eng Kéier: Wat mir och maachen a meng Ekippen, mäin Direkter bei mir am Ministère, de Pascal Worré, ass, dass mer ganz vill Gespräicher hu mat den Entreprisén selwer fir ze verstoen: „Okay, hutt Dir nach eng Iddi, wou mer kënnen aspueren? Ass an där doter Fiche technique nach eppes ze komplizéiert? Kënnen mer dat méi einfach maachen?“ An doduerch, well mer an deem permanenten Austausch sinn, sinn ech eigentlech éischer optimistesche, dass mer déi meescht mat op de Wee kréien an déi Energieeffizienzoffensiv, déi mer wëllen och mat deem heite Gesetz lasstrëppelen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7649. Den Text steet am Document parlementaire 7649⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7649 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ostëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 54 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup).

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv dem Vott vun der Motioun. An do war et d'Propositioun vum Minister, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. An ech géif direkt emol d'Wuert ginn un den Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).**- Merci, Här President. Jo, de Minister huet schonn eng Rei Erklärungen ginn. Ech mengen déi zum Bannemaart. Mir liewen an Europa, mir sollen dat elo net vergiessen. Mee dat soll awer elo net entschëllegen (veuillez lire: dat soll eis awer elo net entschëllegen an dovun ofhalen), eis Ambitiounen héichzehalen. An d'Motioun freet jo och, bon, schwätzt op d'mannst zwee Sujeten un: Dat ass deen emol vum Nuklearstrom, mee awer och dee vum Strom, dee mat fossilen Energien hiergestallt gëtt. An ech wëll elo kee géint deen aneren ausspillen, mee ech hunn awer Problemer mat béidem.

A wéi gesot, et ass e komplexen Thema. Ech mengen, mir sollten och versichen, dat ze verstoen. Mir kréien dat net ronn hei an zwou Minutten. An da kéinte mer dat, géif ech soen, proposéieren an et an d'Kommissioun huelen, wou mer dat kënnen duerchschwätzen an eis dann och do, wéi mer et elo an der Effizienz gemaach hunn, ambitiéis Ziler setzen. Also, eis Propositioun ass, dat an d'Kommissioun eranze huelen an do dann och eng Kéier an aller Déift duerchediskutéieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Back. An ech géif d'Wuert zrëckginn un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ech soen dem Här Minister an dem Här Back Merci fir dee Virschlag. Mir wäerten deen och unhuelen. Mir hunn dofir jo och geschriwwen, e „Plang“ emol fir d'éischt, dat heescht, eng Diskussionsbasis, an 2030 als Resultat. Ech ginn dem Här Turmes vollkomme Recht, et geet net iwwert de Verbuet eleng. Et muss een Alternativen ubidden!

Ech wollt just nach den Här Turmes a vläicht d'Chamber froen, ob et dann awer méiglech wär, wa mer déi Kommissiounssëtzung hunn, vläicht schonn e Jurist matzebréngen (veuillez lire: vläicht schonn e Jurist matzebréngen, fir ze klären), wéi dat mam europäesche Marché ass, well do ginn d'Meenunge jo och auserneen, ob Länner scho kéinte soen, si wëlte keeser Atomstrom. Et ass jo och an Europa eng gréisser Diskussioun gewiescht. Vläch, dass een do direkt eng Expertis matbréngt, ob dat iwwerhaapt esou machbar ass, well, wéi gesot, déi eng soe Jo, déi aner Nee. Et wär natierlech flott, wa mer einfach kéinte soen: „Mir importéiere keen Atom- a kee fossille Strom méi!“



Mee Dir hutt Recht, et muss ee jo och Alternativen ubidden. An dofir hu mer och bewusst geschriwwen, fir emol e Plang auszeschaffen, dass een emol iwwerhaapt driwwer diskutéiert, well de Wonsch ass, an ech denken, d'ganz Chamber ass jo awer där Mee-nung, dass mer vun deem Atomstrom lasskomme wëllen. Mir kënnen net ëmmer nëmme soen: „Mir wëllen net Cattenom!“, awer selwer 10 % Atomstrom notzen. Dat geet einfach net! Do solle mer einfach zesumme kucken als Chamber, wéi mer dovunner lasskommen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Goergen. Den Här Minister hat „Jo“ gewénkt.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien d'accord ass, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder muss d'Kommissioun sech iwwert dës Motioun ënnerhalen.

(La motion n° 1 de M. Marc Goergen est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)

8. 7681 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire

Als nächst hu mer de Projet de loi 7681 iwwert den internationale Schutz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

■ **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur**.- Merci, Här President. Ech entschëllege mech och direkt bei deene Leit, déi nolauschteren, well fir deen heite Punkt iwwert d'Asylgesetz an och deen nächsten iwwert d'Immigrationsgesetz, do muss ee schonn e bëssen an der Matière sinn. Ech probéieren nawell a menger Ried, esou einfach a kloer wéi méiglech ze sinn. Ech weess net, ob et mer geléngt, mee probéiere wäert ech et op alle Fall!

De Projet, iwwert dee mer elo als Éischt befannen, ännert d'Asylgesetz vun 2015 op enger Rëtsch Punkten. Et geet haaptsächlech ëm verschidde Recours-méiglechkeeten, déi geännert oder och nei agefouert ginn.

Loosst mech fir d'Éischt kuerz op d'Aarbechten an eiser Kommissioun agoen. Den 8. Mäerz hu mer de Projet an den Avis vum Staatsrot analyséiert. Och ze notéieren ass, dass mer en Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 9. Dezember an och ee vun der Mënscherechtskommissioun den 18. Mäerz kritt hunn. De leschten Dënschden hu mer de Rapport dann an der Kommissioun ugeholl.

Als Éischt setzt d'Gesetz e Punkt aus dem Koalitionsaccord ëm, wou et drëms geet, d'Recours-méiglechkeete géint eng Décision de transfert am Kader vun den Dublin-Reglementer ze iwwerschaffen. Hei gouf et bis elo e Recours en annulation, deen elo duerch e Recours en réformation ersat gëtt. Dat huet zwou wichteg Konsequenzen: Engersäits statuëiert den Tribunal elo net méi just iwwert d'Legalitéit vum Transfert, mee och zur Opportunitéit, wat also heescht, dass e seng eegen Appreciation zur Situatioun mataffälse loosse kann a sech och iwwert dem Minister seng Decisioun ewechsetze kann.

An deem Kontext kann d'Gericht och nei Elementer an d'A faassen, déi zum Beispill zanter der Décision de transfert opgetruede sinn, zum Beispill eng Verschlechterung vun der aktueller Situatioun um Terrain an deem Land, wouhin den Transfert soll gemaach ginn.

Dës Zort Recours huet en Effet suspensif, heescht also, dass den Demandeur vun der Protection internationale hei zu Lëtzebuerg bleiwe kann, bis den Tribunal statuëiert huet. Bis elo war et effektiv esou, dass den Transfert och scho virun der Decisioun vum Gericht ausgeféiert konnt ginn, ausser wann e Référé gemaach gouf. Doriwwer eraus huet den Tribunal elo net méi zwee, mee just nach ee Mount Zäit, fir seng Decisioun ze huelen.

Zweetens féiert dës Projet zwou nei Recours-méiglechkeeten an. Bei der éischter geet et ëm e Recours géint eng Décision de clôture définitive. Am Moment gesäit den Artikel 23 vum Asylgesetz vir, dass de Minister a verschidde Fäll dovun ausgoe kann, dass en Demandeur de protection internationale seng Demande implizit zréckgezunn huet, dat zum Beispill, wann e sech net méi mellst oder och net méi op seng Convocatioun reagéiert. An deem

Fall huet de Minister dann zwou Méiglechkeeten: E kann entweder eng Décision de clôture froen oder d'Demande einfach rejetéieren, wann et genuch Elementer ginn, déi esou eng Decisioun géife rechtfertigen.

Am Fall vun enger Décision de clôture gesäit d'Gesetz aktuell vir, dass een e Recours géint dës Decisioun alees kann, wat awer net onbedéngt sënnavoll ass. Wann eng Persoun néng Méint laang net reagiert huet, verwandelt sech déi Decisioun an eng Décision de clôture définitive. Bannent dësen néng Méint huet den Demandeur de protection internationale d'Méiglechkeet, d'Erëmpmaache vu sengem Dossier unzefroen.

Mat dësem Gesetz gëtt elo e Recours géint d'Décision de clôture définitive ageféiert an deen ersetzt de Recours géint d'Décision de clôture. De Recours muss bannent engem Mount gemaach ginn, gerechent vum Dag un, wou et d'Décision de clôture définitive gëtt. Do virdru kann een, wéi gesot, d'Demande nei maachen.

Zweetens gëtt e Recours en réformation géint de Retrait vum Statut ageféiert, wou et am Moment nach keng spezifesch Recoursméiglechkeet gouf. Dat huet ee bis elo ënnert dem Droit commun misse maachen.

Als Lescht gesäit de Projet och vir, dass elo alleguer d'Membere vum Kader vun der Police d'Fangerofréck vun enger Persoun huele kënnen, déi irregulär zu Lëtzebuerg ass, dat am Kader vun der Prozedur, déi am Dublin-III-Reglement virgesinn ass.

Just als Background: Bis elo ass dat am Artikel 103 vum Immigrationsgesetz gereegelt an dësen Artikel seet, dass d'Police judiciaire dës Aufgab iwwerhëlt. Am Moment ass et generell d'Friemepolice, déi dat mécht, an déi ass jo en Deel vun der Police judiciaire.

Praktesch gesäit et esou aus, dass, wann d'Police op eng Persoun am irregulären Openthalt trëfft, bei där se wësse wëllt, ob se schonn eng Demande de protection internationale an engem aneren EU-Memberstaat gemaach huet, dann hält se déi Persoun mat op de Findel, fir dat an deem sougenannten Eurodac-System nozekucken an hire Wee do ze iwwerpräiwen.

Dës Ofdréck däerf am Moment eebe just d'Police judiciaire maachen, wat awer net wierklech de Besoin vun haut gerecht gëtt an och net der Realitéit entsprécht. D'Agenten vun der Police judiciaire si weekends, awer och zum Beispill owes, net ëmmer direkt disponibel, wat heescht, dass d'Policeagenten dës Persounen deels dann an de Centre de rétention setzen, wat wierklech alles anescht wéi optimal ass.

Mat dësem Changement adaptéiert ee sech also gar un d'Realitéte vum Terrain. Op Propos vum Staatsrot hu mer als Kommissioun dann d'Terminologie „membre du cadre de la Police grand-ducale“ festgehalen.

Insgesamt ass et keng grouss Reform vum Asylgesetz, mee ech mengen, dass dës Verännerunge kleng, awer duerchaus sënnavoll sinn an e Schrëtt an déi richteg Richtung an et erlaben, d'Prozeduren ze vereinfachen, méi séier ze maachen, awer virun allem d'Rechter vun den Demandeurs de protection internationale ze stäerken. An duerfir kann ech och den Accord gi vun der LSAP. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci. Ech soen dem Här Rapporteur Yves Cruchten Merci fir säi fir mech verständleche Rapport.

An ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV)**.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, merci dem Yves Cruchten fir säi Rapport. En huet dat ganz verständlech gemaach an en hat am Virfeld versprach, esou exhaustiv wéi méiglech ze sinn, sou-dass ech näischt méi bräicht ze soen. Dofir gräifen ech mer just zwou Saachen eraus.

Et ass e Gesetz, wat an enger duerchaus ganz kriddeleger Matière soll méi Kloerheet bréngen, méi Rechter an hoffentlech och méi Sensibilitéit, well eeben d'Matière esou kriddeleg ass.

Zwou Saachen, déi ech wëll erausgräifen: Déi éischt ass d'Vérification d'identité, vun där den Yves Cruchten elo zum Schluss geschwat huet, wou d'Membere vun der Police implizéiert sinn.

Mir fannen et ganz wichteg, dass an esou engem Kader, wou et jo awer drëms geet, d'Identitéit vun engem Mënsch ze verifizéieren, dee selwer iergendwéi an enger prekärer Situatioun ass, mat ganz vill Souplesse a Sensibilitéit virgaange gëtt. Dofir hate mer gefrot, wéi déi Leit da forméiert wäeren. An dat war net eng Fro no der Formation, ob se wéissten, wéi ee géif Fangerofréck ofhuelen - ech mengen,

ech war do an der Kommissioun e bësse falsch verstanen. Et ass drëms gaangen, ob déi Mënschen och forméiert sinn, fir einfach ze wëssen, wéi ee mat engem Mënsch, deen an där doter Situatioun ass, an deem Moment ëmgeet, well dat ass nämlech ee vun de wichtige Punkten.

„Toute vérification nécessaire“, déi an deem Moment muss gemaach ginn, bezitt sech jo normalerweis op d'Fouillen. An do ass et och zum Beispill dem Lëtzebuenger Flüchtlingsrot wichteg gewiescht, an ech mengen, och der Mënscherechtskommissioun, fir ze soen, dass ee genau déi Fouillé muss gutt definéieren, dass et eeben dorëms geet, d'Identitéit feststellen, an net nach privat Objete wéi zum Beispill den Handy duerchzekucken.

Ganz besonnesch ass dat e wichtigen Theema bei de Mineurs non accompagnés, well déi Mineurs non accompagnés hunn nämlech e Recht op en Administrateur ad hoc. An déi Prozedur muss och esou agehale ginn, dass deen Administrateur ad hoc och derbäi ass an deem Moment, wou e Mineur non accompagné dann déi dote Vérification d'identité gemaach kritt.

Do war zum Beispill och déi Fro opkomm, déi huet de Lëtzebuenger Flüchtlingsrot och thematiséiert, dass sech jo déi Fro heiansdo stellt, dass d'Mineurs non accompagnés hire Gebuertsdatum net kënnen uginne an dat da ganz séier interpretéiert gëtt als de Versuch vun enger Ligen oder fir eppes ze verstoppen. Dat ass awer a Wierklechkeet vill méi komplex, well vill Jonker an hirem Kader hire Gebuertsdatum guer net kennen, well deen zum Beispill an hirer Kultur net geféiert gëtt oder well se e Gebuertsdag hunn an engem anere Kalenner a guer net wëssen, wéini dee Gebuertsdag an eisem Kalenner ass. Genau déi dote Souplesse an déi dote Sensibilitéit, déi muss eeben och deene Leit, déi déi Vérification d'identité maachen, bekannt sinn.

An dat Zweet, wat ech nach wollt kuerz soen, an den Yves Cruchten ass och schonn drop agaangen, dat sinn d'Voies de recours, wou mer ausdrécklech begrëssen, dass do elo aus engem Recours en annulation e Recours en réformation gemaach gëtt, wat natierlech och dann d'Rechter erweidert. An och, dass d'Jugen, wann et ëm eng Dublin-Affär geet, elo sollen innerhalb vun engem Mount transchëieren, net innerhalb vun zwee Méint.

Gutt, de Lëtzebuenger Flüchtlingsrot huet ze bedenke ginn, dass dat op kee Fall däerf op d'Käschte vun der Qualitéit vun esou engem Jugement goen. Dat, mengen ech, misst eigentlech selbstverständlech sinn, mee et ass richtig, dat nach eng Keier ze soen.

An deem Sënn fënnt natierlech dës Gesetzesprojet, well en esou wichteg Verännerungen a Verbesserungen an enger ganz kriddeleger Matière bréngt, eis voll Ënnerstëtzung. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Paul Galles. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP)**.- Merci, Här President. Et ass hei schonn, wéi den Yves Cruchten gesot huet, e Gesetz, wat vläicht relativ schwéier no baussen ze erklären ass, mee ech muss awer soen, dass den Här Cruchten dat exzellent gemaach huet. Ech soen him och Merci fir seng verschidde Rapporten.

E weesentlecht Element, wat een hei awer muss eraussträichen, dat ass effektiv déi Ännerung, wat eeben de Recours ubelaangt. Mir gi vun engem Recours en annulation zu engem Recours en réformation. Dat ass awer e weesentlecht Element. Dat heescht, mir ginn a sech an eng nach méi digne Behandlung vun den DPlen. Mir ginn den Tribunaler natierlech hei och eng zousätzlech wichteg Aufgab, ëmsou méi, datt och hiren Delai, fir d'Decisioun kënnen ze huelen, ëm e Mount verkierzt gëtt. Mir ginn also enger zousätzlecher wichteger Instanz an eiem ganzen demokratesche Gebilde eng zousätzlech wichteg Missioun.

An dat beweist jo awer, wéi mir als Lëtzebuerg grad eeben zu den DPlen stinn. Ech mengen, dat kann een awer da roueg soen, datt Lëtzebuerg do u sech e gudd Modell ass, well mer awer d'Dignitéit, d'Würd vun deene Leit voll uerkennen duerch eeben déi Moossmach.

Déi zweet, wat eeben och elo déi Empreinten ubelaangt, ass u sech och, wéi den Här Cruchten dat richtig gesot huet, eng Konsequenz vun deem, wat um Terrain vir sech geet. Ënnert dem Stréch ass dat heite reng vun dem Text hier gekuckt vläicht méi e modest Gesetz, mee awer eent mat enger trotzdem grousser Dimensioun.

An deem Sënn wäerte mir dann och eis Zoustëmmung als DP ginn. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Graas. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng)**.- Villmools merci, Här President. Effektiv, et ass en Dossier, deen, wéi den Här Rapporteur gesot huet, e bësse méi komplex an der Matière ass. Et muss ee sech,

wann een e gutt wëllt verstoen, vläicht och e bësselche mat der ganzer Reglementatioun hannendru schonn auskennen, fir déi Begrëffer och ze kennen. Mee ech mengen, Här Cruchten, Dir hutt lech vill Méi ginn, fir eis dat awer esou gutt verständlech wéi méiglech hei ze rapportéieren an ze erklären. Dofir och e Merci fir Äre Rapport.

Ech ka mech menge Virriedner nëmmen uschlëissen, wat de Volet betrëfft, dass mer eis natierlech och freeën, dass mer hei zu enger ganzer Partie Verbesserung baidroen, och wa se méi klenger Natur sinn, an dass mer eis notamment eeben och doriwwer freeën, wat de Recours ubelaangt. Well wa mer hei dervunner schwätzen, dass mer eng Ännerung aféieren, d'Méiglechkeet, fir iwwert d'Opportunitéit ze statuëieren, an net just iwwert d'Legalitéit vun der Demande ze schwätzen, da brénge mer eeben och de Volet eran, dass mer hei iwwer Mënsche schwätzen, dass dat Mënsche sinn, déi alleguerten e spezielle Cas de figure hunn a wou mer och mussen op hir Doleancen, op hir Besoinen an hir Rechter als Mënsch an dëser Gesellschaft agoen.

Wéi gesot, et si kleng, awer sënnavoll Ännerungen, déi d'Rechter vun den Demandeurs definitiv stäerken a wou, wéi gesot, fir eis besonnesch ervirstécht, dass mer ervirhiewe wëllen, dass de mënschleche Volet an deem ganze Kader awer hei e bësselche méi erauskënnt. An deem Sënn gi mer natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun fir dës Projet de loi.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Empain. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Cruchten Merci. Hien huet dat wonnerbar presentéiert, mat vill perséinlechem Engagement, an en huet och vill Härz an dësen Dossier geluecht, wéi mer e kennen. Dat ass alles ganz gutt esou an dofir soe mer him Merci.

Et geet eigentlech drëm, datt ëmmer méi Prozeduren hei ageféiert ginn. Dat gesäit am Ufank aus wéi Rechtsstaatlechkeet. An d'Virriedner hunn och gesot: „Mir stäerken d'Recht vun deene Leit, déi Asyl froen“, an esou weider. Dat kléngt gutt, mee et ass ganz eesäitig, well net nëmmen déi Leit hu Rechter, mee och eist Land huet Rechter an dëser Diskussioun. Mir musse kucken, datt d'Interessien, déi mir als Staat hunn, als Communautéit, datt déi och gerechtfertegt sinn a bewaart sinn an enger Diskussioun ëm Asyl.

An dozou gehéiert och, de Mëssbrauch vum Asyl ze verhënneren. Dat ass einfach eng Tatsaach, well mir hunn hei eng grouss Migration. Et geet eigentlech éischter ëm eng Migration wéi Asyl, well déi Leit, déi wierklech verfollegt sinn, déi sinn eng Minoritéit an där Zuel, där grousser Zuel vu Leit, déi zënter 2015 an Europa ukomm sinn.

Déi eenzel Dispositiounen, déi hei proposéiert ginn, dat ass beim Dublin-Vertrag, do muss ee soen: „Pacta sunt servanda.“ Dat ass dat Alleréisch. Dat heescht, wa mir eng Obligatioun hunn ënner Dublin, fir een zréckzeféieren an e Land, dat zoustänneg ass, da solle mer dat maachen. Fir elo d'Opportunitéit dovunner ze präiwen, dat kéint och um Verwaltungswee gemaach ginn, well ech si sécher, datt d'Verwaltungsbeamten och keen zréckféieren an e Land, wou d'Zoustänn et net géifen erlaben. Fir dat elo ze justifiéieren, dat féiert zu onheemlechen Delaien.

D'Clôture définitive, dat ass eppes, wat d'Leit derzou verleet - an dat hu mer ganz dacks -, fir an e puer Länner gläichzäitig Asylprozeduren ze lancéieren a grad do, wou se ofgeschloss gëtt, dann erëm e Recours ze maachen. Dat ass eng Méiglechkeet vu Mëssbrauch, dat heiten. Mir sinn net domat d'accord.

Dat Drëtt ass de Retrait vum Statut. Gutt, datt een do e Recours aféiert, do kann een dermat d'accord sinn, mee dat muss eng kuerz Prozedur sinn.

Wat een awer muss wëssen, ass, datt Lëtzebuerg hei wäit iwwert dat erausgeet, wat d'europäesch Direktiv ënnert dem Asylrecht eis géif virschreiwen, an och wäit iwwert dat erausgeet, wat an aneren EU-Länner gemaach gëtt. An dat ass eng wichteg Consideratioun, well mir gesinn an der EU a ganz ville Länner - an net nëmmen, wéi da gesot gëtt, an Osteuropa, mee mir gesinn et an Eisträich, mir gesinn et an Dänemark, mir gesinn et a ganz ville Länner -, datt do eng ganz Rei vun Decisiounen geholl ginn, politeschen Decisiounen, fir eigentlech de Mëssbrauch vum Asylrecht anzeschränken. Dat ass eng ganz kloer Tendenz an Europa.

Lëtzebuerg ass eigentlech déi Ausnam, déi an déi aner Richtung geet. An et muss een awer ganz kloer kucken, wat d'Effekter sinn hei vun esou Dispositiounen, wou mer, wéi gesot, eppes maachen, wat soss néierens an Europa an deem Mooss gemaach gëtt. Et gëtt eng Rei Effekter:

Dat Éischt ass eng weider Belaaschtung vun eise Verwaltungsgerichter, déi elo scho ganz vill mat Asylfroeschäft gëtt. Elo kommen dräi zousätzlech Recoursméiglechkeeten derbäi. Et ass